N°74
Entrée le 30.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Finanzen weiderzeleeden.

Zënter Jore gëtt doriwwer diskutéiert, fir an der Rue de Linger op der Gemengegrenz tëschent Käerjeng a Péiteng ee gemeinsamen Zenter fir d'Police an den CGDIS entstoen ze loossen. A menge parlamentaresche Froen n°3404, 5328 a 6362 hat ech deemools schonn Informatiounen zu dësem Projet gefrot. An der Äntwert op meng Fro n°3404, waren zu deem Zäitpunkt nach keng Verhandlungen amgaangen, fir een neit Policekommissariat an d'Rue de Linger op der Grenz tëschent Péiteng a Käerjeng z'erriichten. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6362 (am Juni 2022) gouf geschriwwen, dass den Dossier vum Comité d'acquisition beim Finanzministère traitéiert gëtt a beim CGDIS vu sengem Verwaltungsrot.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hält de Minister weider dru fest, fir ee Policebüro an der Rue de Linger op der Gemengegrenz tëscht Käerjeng a Péiteng z'erriichten?

2. Ginn et Fortschrëtter an dësem Dossier? Falls jo, wou sinn d'Diskussiounen drun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°74
Entrée le 03.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an vum Här Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 74 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Centre d'intervention commun pour la police et le CGDIS entre Bascharage et Pétange"

Fro 1

D'Gebailechkeete vun der Police sinn zum Deel veraalt, ze kleng an och net méi adaptéiert un ee moderne Service public. Dëst ass och fir de Kommissariat Péiteng/Käerjeng de Fall.

Wéi am Programme gouvernemental steet, well dës Regierung zousätzlech Efforten maache fir der Police hir Infrastrukturen ze adaptéieren, sief et Kommissariater ze renovéieren oder nei Kommissariater ze bauen.

An deem Sënn gëtt och de Projet vum Bau vun engem neien Gebai fir d'Kommissariat Péiteng/Käerjeng weidergefouert.

Et lafen aktuell Diskussiounen matt der Gemeng Péiteng iwwert en neien Site zu Lénger, deen d'Gemeng proposéiert huet an deen an ëffentlecher Hand ass.

Fro 2

Et ass eng Reunioun geplangt matt der Gemeng Péiteng en vue vun der Ausschaffung vun engem Avant-projet sommaire op dësem Site.

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden